N°6244
Reçue le 24.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 24.05.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Interieur weiderzeleeden.

Elteren, déi hier Kanner an eng Crèche oder Maison Relais ginn, hunn jee no hierem Akommes een Urecht op eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat iwwert de Chèque-Service d'Accueil (CSA). A menger parlamentarescher Fro n°6162 sinn ech schonns op d'Fro vun de Fonctionnementskäschten an de Maisons Relaisen agaangen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner profitéieren aktuell vum CSA? Wéi huet sech dës Zuel vun 2017 bis 2022 entwéckelt?

2. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2419 vun der CSV aus dem Joer 2016 hat de Minister geäntwert, dass am September 2016 364 *contrats d'adhésion* gemaach goufe fir Persounen, déi net Resident zu Lëtzebuerg sinn.
   Wéi huet sech dës Zuel fir d'Joren 2017 bis 2022 entwéckelt, opgeschlësselt no Joer an no Nopeschland?

3. Wéi hunn sech d'Gesamtkäschten fir den CSA tëschent 2017 an 2022 entwéckelt?

4. Kënnen d'Ministere mir eng Estimatioun ginn, op wéi vill Euro sech d'Fonctionnementskäschte vun enger Crèche am Duerchschnëtt belafen
   - fir eng grouss Crèche (mat méi wéi 30 Kanner)?
   - an enger klenger Crèche (manner wéi 30 Kanner)?

5. Wéi vill Euro leet de Staat an der Moyenne pro Kand an enger Crèche bäi (fir d'Joer 2021)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6244 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Ad 1)

Am Januar 2022 sinn 56.052 Kanner Beneficiaires vum Chèque-service accueil (CSA). D'Zuel vun de Beneficiairen ass am Laf vun de Jore reegelméisseg an d'Luucht gaangen, ausser wärend der Covid-Zäit. Et waren der 46.682 am Januar 2017.

Januar vum Joer	***Zuel vun de Beneficiairë vum CSA***
2017	46.682
2018	48.958
2019	51.486
2020	53.849
2021	52.995
2022	56.052

Ad 2)

Am Januar 2022 hunn 3.045 Benenficiairë vum CSA an der Belsch (929), an Däitschland (306) oder a Frankräich (1.810) gewunnt. Dës Zuelen hunn sech zanter 2017 wéi follgend entwéckelt :

Januar vum Joer	***Beneficiairë vum CSA Résident aus:***			
	Belsch	*Däitschland*	*Frankräich*	*Total*
2017	124	56	497	677
2018	303	130	869	1.302
2019	467	201	1.190	1.858
2020	645	250	1.498	2.393
2021	788	264	1.598	2.650
2022	929	306	1.810	3.045

Ad 3)

D'Gesamtkäschte vun der Betreiung vun de Kanner hu sech zanter 2017 wéi follgend entwéckelt :

Joer	***Gesamtkäschten***
2017	359,9 Mio €
2018	402,0 Mio €
2019	453,3 Mio €
2020	525,9 Mio €
2021	568,0 Mio €
2022	589,1 Mio €

Ad 4)

Laut dem Joresdekont vun 2019 beleeft sech de staatleche Käschtepunkt vun de Fonctionnementskäschten (Personal a Fonctionnementskäschten) vun enger konventionéierter Crèche (Betreiungs- a Bildungsstruktur vum Klengkandberäich) mat méi wéi 30 Kanner am Schnëtt op ongeféier 1,2 Mio. Euro d'Joer.

Laut dem Joresdekont vun 2019 beleeft sech de staatleche Käschtepunkt vun de Fonctionnementskäschten (Personal a Fonctionnementskäschten) vun enger konventionéierter Crèche (Betreiungs- a Bildungsstruktur vum Klengkand Beräich) mat manner wéi 30 Kanner am Schnëtt op ongeféier 0,6 Mio. Euro d'Joer.

Ad 5)

De staatleche Käschtepunkt vun enger Betreiungsplaz an enger Crèche (konventionéiert an net konventionéiert) läit am Schnëtt bei 14.381 Euro fir d'Joer 2019. Et ass ze bemierken, datt et sech hei ëm eng Moyenne vum konventionéierte Secteur a vum net konventionéierte Secteur handelt, wuel wëssend, datt een déi zwee Käschtepunkten net kann direkt matenee vergläichen, well jeeweils aner Dispositioune spillen, wéi zum Beispill de Kollektivvertrag CCT SAS, dee just am konventionéierte Secteur applizéiert gëtt.

Déi komplett Chiffere vun 2021 kënne momentan nach net geliwwert ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH